

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un den Här Medieminister, d'Madame Ëmweltminister, den Här Gesondheitsminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg soll als eent vun deenen éischte Länner op der Welt op sengem ganzen Territoire e 5 G Reseau fir nach méi e séieren mobilen Internet kréien. Dëst huet d'Regierung am Kader vum Koalitiounsaccord ugekënnegt.

Schonn Enn vun dësem Joer soll mat der Testphas respektiv mam Ausbau ugefaange ginn. Parallel maachen awer weltwäit sëllegen onofhängeg Fuerscher op Risiken fir d'Gesondheet opmierksam. Vill Wëssenschaftler fuerderen, datt virun der Aféierung vum 5 G fir d'éischt néideg, weider Etüden missten duerchgefouert ginn.

Am Fall vum 5G schéngt nach net genuch iwwe méiglech Gesondheitsrisike fir de Mënsch gewosst ze sinn. Verschidden Autoritéiten an der Belsch hunn de 5G Projet dowéinst viru kuerzem gestoppt, wéinstens mol provisoersch.

Och zu Lëtzebuerg weise sech vill Leit besuergt.

Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Medieminister, d'Madame Ëmweltminister, den Här Gesondheitsminister an den Här Wirtschaftsminister stellen.

1. Wéi eng Pläng huet d'Regierung am Kontext vum Reseau 5G zu Lëtzebuerg?


2. Wéi stellt d'Regierung sech zu de Sécherheetsrisike vun där Technologie, besonnesch wat d'Gesondheet vum Mënsch ugeet? Op wéi eng Etüden an Erkenntneser baséiert si hir Politik?

3. Hält d'Regierung et fir opportun dee Projet zu Lëtzebuerg virun ze féieren, och wann am Ausland de 5G plazeweis wéinst potentielle Gefore fir d'Gesondheet vum Mënsch op d'mannst provisoersch gestoppt gëtt?

4. Wëll d'Regierung d'Resultater vu weideren Etüden ofwaarden, ier si Decisiounen hëlt?

5. Verschiddene Presseartikelen no solle bei Tester vum 5 G an der Stad Den Haag an Holland honnerte vu Vullen dout vum Himmel gefall sinn. Kann d'Regierung esou Behauptungen aus der Press confirméieren? Wann déi Informatioun sollt richtig sinn, wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung aus dem Tëschefall op déi geplangten Aféierung vum 5G zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Maria Mathieu
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.221
Fax : 466.966.210
e-mail : mmathieu@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 15 avril 2019

Objet : Question parlementaire n° 634 du 15.04.2019 de Monsieur le Député Fernand
Kartheiser - Réseau 5G au Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un
mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président de la Chambre des Députés,


Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés